DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 22. November 2019

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Déi aktuell Reglementatioun gesäit vir, dass bei neie PAPen d'Kanalisatioun, déi de Reen vun der Strooss evakuéiert, net un eng Kläranlag ugeschloss dierf sinn, mee direkt an d'Natur, z.B. an e Waasserlaf, goe muss.*

*Och wann et grondsätzlech verbueden ass, knaschtegt Waasser an déi ëffentlech Reewaasserkanalisatioun ze schëdden, kann net ausgeschloss ginn, dass ënnert anerem Seefewaasser fir den Auto ze wäschen oder Faarwreschter op deem Wee an d'Ëmwelt kënnt. Donieft stellen och nach d'Salz vum Streedéngscht am Wanter oder d'Ofnotzunge vun Autospneuen (Reifenabrieb) eng däitlech Verknaschtungsgefor duer, déi ongefiltert an d'Natur lafen.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wéi gesäit d'Madamm Ministesch d'Gefor, dass trotz dem uewegenannte Verbuet awer knaschtegt Waasser op dësem Wee an d'Ëmwelt kënnt?*
- *Ginn et Kontrolle vun der Waasserqualitéit vun Uewerflächewaasser wat iwwer eng Kanalisatioun oder direkt an d'Natur leeft? Wa jo, wéi dack ginn déi am Duerchschnëtt duerchgefouert? Wéi gesäit déi duerchschnëttlech Waasserbelaaschtung aus? Wéi eng Mesure gi geholl am Fall, wou d'Waasserbelaaschtung ze héich ass?*
- *Wëssend, dass d'Ofnotzunge vun Autospneuen (Reifenabrieb) eng ganz grouss Quell vu Mikroplastik an der Natur ass, wéi eng Mesurë gedenkt d'Madamm Ministesch ze huelen, fir dëse Problem an Zukunft besser an de Gréff ze kréien?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten